Lycée Ermesinde alias Neie Lycée: 27. Januar Porte ouverte

RTL - 17.01.2011, 15:10 -

Den Neie Lycée, deen elo Lycée Ermesinde heescht, mécht seng Dieren am Januar 2012 zu Miersch op. De 27. Januar 2011 ass eng Porte ouverte zu Hollerech.

Links

- Den Neie Lycée am Netz.

Fir de Leit ze weisen, wéi de Lycée Ermesinde op sengem neie Site zu Miersch vum nächste Joer u wäert ausgesinn, gëtt et den Donneschdeg, 27. Januar vu 16.30 Auer un eng Porte ouverte an den aktuelle Räimlechkeeten zu Hollerech (15, rue de l'Aciérie, Tel. 26 89 00 26).

Um Dag vun der Porte ouverte ginn et Konferenzen an e Parcours guidé, op deem d'Particularitéite vum Lycée virgestallt ginn.

Am Communiqué beschreift sech de Lycée Ermesinde als "un lycée public autonome à plein temps doté d'un internat". Seng pedagogesch Approche wier baséiert op d'Detectioun an d'Förderung vun Interessen an Talente bei de Schüler en vue vun hirer Orientéierung. Duerch exzellent Resultater vun de Schüler am Cycle supérieur wier dës Approch och confirméiert ginn.

« Hannescht op d'Iwwersiicht